Nr. 22 2019

# ONG·NEWS

LËTZEBUERGER LANDJUGEND A JONGBAUEREN
SERVICE COOPÉRATION A.S.B.L.





## INHALT


| | |
|---|---|
| Edito | 2 |
| 60. Gründungsjubiläum der NRO | 3 – 13 |
| Unsere Entwicklungsprojekte | 14 – 21 |
| Sensibilisierung | 22 – 23 |
| Unterstützung | 24 – 31 |
| Finanzaufkommen 2018 | 32 |
| Der Verwaltungsrat | 32 |
| Dank an die Spender | 32 |


www.jongbaueren.lu

# Edito

# Happy Birthday!

An deene leschte Méint hu mir bei äis an de Büroe méi ewéi eemol, d'Diere vun eisen Archiven opgemaach a mir sinn op d'Sich no de Wuerzele vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* (LLJ) a vun eiser ONG gaangen. De Grond: 90 Joer LLJ a 60 Joer Kooperatiounsaarbecht vun der LLJ.



Zënter 60 Joer si mir op engem gemeinsame Wee mat eisen afrikanesche Frënn an zesumme kucke mir, wéi mir eisen Deel zu enger méi gesécherter Zukunft fir d'ländlech Bevëlkerung am franséischsproochegen Afrika bäidroe kënnen. Villes gouf bis elo erreecht!

Et ass e schéine Festivitéitsprogramm fir dëse Gebuertsdag virgesinn an esouwuel an dëser Zeitung ewéi och op eiser Internet- a Facebooksäit fannt Dir vill Informatiounen zu de verschiddenen Aktioune vum Anniversaire, iwwer d'Geschicht vun eiser ONG an iwwer eis Kooperatiounsaarbecht am Allgemengen.

Niewent de Virbereedunge fir dëse wichtege Gebuertsdag, hu mir dat lescht Joer natierlech vill un eise Projete geschafft. Am Moment si mir virun allem am Burkina Faso täteg. An Zesummenaarbecht mat eisem lokale Partner gëtt zu Zambélé d'Infrastruktur vun engem grousse Schoulkomplex mat all deem, wat dozou gehéiert, realiséiert: eng Kichen, eng Bibliothéik an och – ganz wichteg – d'Versuergung mat frëschem Drénkwaasser.

Bei engem anere grousse Projet geet et ëm d'Optimiséierung vum Asaz vum Iesel a vun der Kassin. Mat eise Frënn vun der FEPAB (Fédération des Professionnels Agricoles du Burkina) viséiere mir den Encadrement vu ronn 11.000 Produzenten aus 26 Dierfer an de Gemengen Imasgo, Ténado, Pissila a Barga. Mat Hëllef vu Formatiounen an neiem Material ginn si ënnerstëtzt, fir hir Rekolten ze verbesseren an domat eng geséchert Zukunft fir sech, hir Familljen an d'Duerfgemeinschaften ze garantéieren.

Fir hire groussen Asaz wëll ech op dëser Plaz eiser Chargée de projets, der Mme Jacqueline Monville Merci soen. Merci soen ech awer och all eise Membere vum Verwaltungsrot. Déi Kraaft, déi Zäit an déi Iddien, déi hei investéiert ginn, sinn enorm! Nieft de reegelméissege Reunioune vum Verwaltungsrot, sinn et eng Rei Treffe vun Aarbechtsgruppen, déi et erméiglechen, souwuel d'Projeten, ewéi och d'ONG am Allgemenge virunzebréngen. An dësen Aarbechtsgruppen ass beispillsweis d'Decisioun geholl ginn, datt d'ONG sech nei opstelle soll, fir sech besser an der Ëffentlechkeet ze presentéieren an d'Sensibiliséierungsaarbecht optimal mat Hëllef vun neiem Equipement (Deplianten, Panneauen, Expo-Stand, etc.) unzegoen.

Wou komme mir hier, wat ass eis Missioun? Firwat setze mir äis als Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren fir d'ländlech Bevëlkerung an Afrika an? Dës – an nach vill aner - Froe wäerten äis besonnesch dëst Joer, an doriwwer eraus, begleeden. Ech wënschen eiser ONG op alle Fall nach ganz vill Joren an en Engagement voller Freed, Courage a mat ganz villen Iddien! Zesumme kënne mir, jo wëlle mir dëse Wee goen. Mir sinn dankbar fir all wäertvoll Hëllef.

Vun dëser Plaz aus wëll ech dofir jidderengem Merci soen, deen sech fir eis ONG engagéiert. Nieft de Mataarbechter an eise Büroen an de Membere vum Verwaltungsrot, soen ech de Verantwortleche vun de regionale Gruppen an Aarbechtsgruppe vun der LLJ e grousse Merci fir hiert Engagement an hir Disponibilitéit. Dëse grousse Merci geet och un all eis Donateuren a reegelméisseg Ënnerstëtzer, déi äis materiell oder moralesch zur Säit stinn.

E besonnesche Merci geet awer och un déi verschidde Ministèrë mat un der Spëtzt dem Kooperatiounsministère. Mir wënschen eiser neier Kooperatiounsministesch, der Mme Paulette Lenert, all Guddes a vill Satisfaktioun beim Ausübe vun hirer neier Charge! Awer och hirem Virgänger, dem Här Romain Schneider wëlle mir Merci soen, fir säin Engagement a seng Präsenz.

**Abbé Romain Richer,** President

# 60. Anniversaire vun der ONG

## 1959 – 2019

Bei Geleeënheet vum ***60. Anniversaire vun der ONG*** weise mir op folgend Manifestatiounen/Aktiounen hin, déi am Laf vum Joer ustinn:

- ***Expo-Stand um Bauerenhaff an der Stad***, de 6. a 7. Abrëll 2019 bei der Gëlle Fra (Place de la Constitution), Lëtzebuerg-Stad
- ***Expo-Stand um 45. Landjugenddag***, op Christi-Himmelfaart, en Donneschdeg, den 30. Mee 2019 zu Berbuerg (Organisatioun: ***LLJ Maacher***)
- ***Expo-Stand op der Foire Agricole***, vum 5. bis 7. Juli 2019 an den Däichwisen zu Ettelbréck:
  - ➜ Virstellung vun de Kooperatiounsprojeten, déi d'ONG an Zesummenaarbecht mat hire lokale Partner am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso realiséiert
  - ➜ Gespréichsronne mat Bauerevertrieder aus dem Burkina Faso
  - ➜ Kanneratelieren, afrikanesch Musek/Danz a Kichen
  - ➜ …
- ***Dag vun der Kooperatioun am Zeeche vum 60. Anniversaire***, e Sonndeg, de 6. Oktober 2019, am Hall Polyvalent zu Clierf (Organisatioun: ***LLJ Cliärref***, an Zesummenaarbecht mat der ONG)
- ***Soirée conviviale am Kader vum 60. Anniversaire***, e Samschdeg, de 26. Oktober 2019, An Haffen, 13, rue des Trois Cantons, L-3980 Wickreng

***Derniewent:*** Produktioun a Verkaf vun der ***Cuvée vum 60. Anniversaire K6N***[1] by tudorsgeeschter.lu

**Déi weider Detailer zu deene respektive Manifestatiounen/Aktioune ginn am Virfeld ënnner www.jongbaueren.lu a www.facebook.com/ServiceCooperationLLJ publizéiert.**

[1] *K6N steet fir Kassin, dem adaptéierten Aarbechtsgeschir (vum Iesel gezunn), dat et den einfache Baueren am Burkina Faso erméiglecht, fir d'Erträg op hire Felder ze optimiséieren.*



# 60 Joer ONG...

## E Bléck vum haitege President op déi laangjäreg Geschicht vun der ONG

2018 konnte mir 90 Joer *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* (LLJ) feieren. Et ass un all déi Generatioune geduecht ginn, déi sech an deenen 9 Joerzéngten ëmmer erëm zesummefonnt hunn, fir sech géigesäiteg ze stäerken, fir Gemeinschaft ze erliewen, de Glawen ze deelen, fir sech fir d'landwirtschaftlech Bevëlkerung anzesetzen. An nach haut liewe mir genee dës Wäerter, déi vun Ufank un héichgehale goufen. Et geet äis dorëm, eng besser Welt mat opzebauen, hei zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus. An esou kommen ech zu engem aneren, ganz wichtege Volet vun der *LLJ*: d'Kooperatiounsaarbecht!

1959, also genee viru 60 Joer, gouf de Grondstee vun eiser ONG geluecht. Dräi Persoune bilde souzesoen dëse Grondsteen: den éischte Bëschof vu Koudougou (enger Stad am Burkina Faso), de Mgr Joseph Bretault, dann den Tony Mailliet, e lëtzebuerger Bauer an de Jesuittepater Henri Spoden, eisen éischten Aumônier. De Mgr Bretault huet den deemools jonken Tony Mailliet gefrot, ob en net bereet wier, fir sech fir déi afrikanesch Landbevëlkerung an der deemoleger Obervolta (Burkina Faso) anzesetzen. D'Zil vun däser Missioun huet sech säit den éischte Schrëtt net geännert. Et geet ëm d'Verbesserung vun de Liewenskonditioune vun der ländlecher Bevëlkerung. D'Fro, déi äis ëmmer begleet: wat ka gemaach ginn, fir datt d'Mënsche mat hire Familljen an hiren Dierfer kënne bleiwen an datt se do eng geséchert Zukunft hunn?

1959 huet den Tony Mailliet den éischten Ieselskieler fabrizéiert. En huet ugefaange mat dësem Kieler, e puer Ieselen an engem liichte Plou d'Aarbechtsmethoden um Feld esou ze veränneren, datt d'Rekolt vu Joer zu Joer däitlech méi grouss ginn ass. Den Iesel ass net méi einfach just als Drodéier ugesi ginn, mä et ass erkannt ginn, wéi wäertvoll dëst Déier fir eng Bauerefamill ka sinn. Nach haut, no 60 Joer, kritt een dëse Kieler ze kafen an eis Projete baséieren sech zu engem groussen Deel op der Iddi vum Tony Mailliet. Ganz besonnesch denken ech do un ee vun eisen aktuelle Projeten, wou mir a 26 Dierfer am Burkina Faso Formatiounen ubidden, fir mat dem Iesel an der Kassin eng uerdentlech Rekolt ze kréien. Zwëschen 1959-1969 sinn et 10 jonk Lëtzebuerger, déi sech op der Plaz mat groussem Asaz fir d'ländlech Bevëlkerung engagéiert hunn. D'Aarbecht mat dem Plou, dem Iesel an dem Kieler stoungen hei un éischter Stell awer och d'Buere vu Pëtzer stoung um Programm a villes méi. Ab 1969 huet de Wee äis an de fréiere belsche Kongo, de Zaïre (RDC) gefouert an nach an aner franséischsproocheg Länner um afrikanesche Kontinent. Déi gutt Kooperatioun mat de Communautéite vun de *Soeurs de Sainte-Marie de Namur* (RDC an am Kamerun), eise gemeinsame Wee mat dem Pater Ekkelboom, svd (RDC) a vill aner Partner sollen hei op däser Plaz genannt sinn! Zu dësem Ablack hu mir all eis Projeten am Burkina Faso.



*Si hunn de Grondstee vun der laangjäreger Entwécklungs-zesummenaarbecht vun der LLJ (fréier: JB & JW) geluecht. De Pater Henri Spoden sj (l.) an den Tony Mailliet (r.) hu sech virun allem dofir staark gemaach, datt d'Liewenskonditioune vun der afrikanescher Landbevëlkerung nohalteg verbessert solle ginn.*

An all deene Joerzéngte konnte mir eng Rei Projete realiséieren, ëmmer zum Wuel vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika. Hei an der Zeitung vun eiser ONG an op eiser Internetsäit fannt Dir natierlech nach vill a ganz interessant Informatioune vun dem grousse Schaffe vun eiser ONG.

Zu de grousse Projete géif ech hei just e puer nennen:

Am **Kamerun**: Ausbau vum Centre de Santé (zu Zoétélé an zu Soa); Ausbau vum *Collège Ste Marguerite* (Zoétélé).

Am **Kongo** (RDC): Installatioun vu Manioc-Millen, Ënnerstëtzung vun de Weesenhaiser, Uschafung vu Schoulmaterial, Verbesserung vun der Waasseranlag (Djuma a Sia); Ausbau vum *Centre de santé* (Kingala Matele); Ausbau vum Véibestand (Ntaba).

Am **Burkina Faso**: Realisatioun an Ausbau vun der Infrastruktur vun enger Crèche, der Schoulinfrastruktur, enger Bibliothéik a villes méi (Zambélé); Formatioune fir Baueren (Imasgo, Tiogo, Koalma, Sabouna); Optimiséierung an Diversifizéierung vu landwirtschaftleche Produiten (e Projet an der Gemeng vu Kongoussi, dee geleet gëtt vun der ONG *Le Soleil dans la Main* a wou mir nieft *SOS Sahel International Luxembourg* eisen Deel als Partner bäidroen).

Nach op vill anere Plazen a Länner, ewéi de Ruanda oder de Benin hu mir Projete realiséiert a versicht äis fir eng besser Welt anzesetzen.

Vill Mënschen hunn äis dobäi gehollef a maachen dat och haut nach! Ouni déi finanziell a moralesch Ënnerstëtzung vun Iech all hätte mir net all dat erreecht wat haut existéiert an d'Mënsche weiderbréngt. Mir sinn ëmmer méi modern an eiser Aarbechtsweis ginn, mir hunn äis ëmmer méi professionaliséiert, fir datt mir eis Projeten op enger fester

an uerdentlecher Basis kënne realiséieren. Niewent dem enorm groussen Engagement vu ganz ville Benevollen ass et eng professionell Chargée de projets, déi d'Ausaarbechtung an de Suivi vun eise Projete garantéiert. Eis Konte ginn all Joer vun engem externen Auditeur kontrolléiert an e professionelle Komptabilitéitsprogramm garantéiert, datt een de Wee vun all Don a vun all administrativem Schrëtt kann noverfollegen. Ganz wichteg ass och den Agreement vum zoustännege Ministère, deen et äis erméiglecht, datt eis Projete cofinanzéiert ginn an esou eisem Engagement nach méi Méiglechkeete bitt.

Wichteg ass, datt eis Projeten op der Plaz vu lokale Partner matgedroen, matbegleet a matrealiséiert ginn. Eisem Verwaltungsrot ass et wichteg, datt Kompetenz, Zouverlässegkeet an eng transparent Gestioun um Terrain garantéiert sinn, fir e gudde Verlaf vun de verschiddenen Etappe vun engem Projet kënnen ze hunn. Eng intern Strategie fir eis ONG, déi sech eise Verwaltungsrot ginn huet, soll äis hëllefe bei der Wiel vun engem Projet an och bei der Wiel vun eisem Partner am jeeweilege Land.

Grad an eiser Zäit, wou den Individualismus ëm sech schléit, wou oft mat enger Ieleboumentalitéit geschafft gëtt, brauch et Mënschen, déi en Zeeche vu Nächsteléift setzen, Mënschen, déi ganz aktiv um Opbau vun enger méi sécherer Welt mathëllefen, enger Welt, wou jiddereen eng Zukunft fir sech a fir seng Welt kann opbauen. Den Engagement vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* hei zu Lëtzebuerg an an Afrika bezeit, datt mir d'Nächsteléift eescht huelen, datt mir mat deenen aneren a *fir* déi aner liewen. Et ass kloer, datt net ëmmer all Projet realiséiert ka ginn, aus oft ganz verschiddenen Ursaachen. Et leeft och net ëmmer alles esou, wéi een et sech wënscht. Wichteg ass awer, net opzeginn an d'Philosophie an den Engagement vun der *LLJ* héichzehalen a mat Freed, Courage a villen Iddien an d'Zukunft ze goen.

Eng Rei vun eise Memberen hu schonns eng Kéier, ëmmer op eege Käschten, un enge vun de Reesen, ewéi zum Beispill an de Burkina Faso, deelgeholl. Mir kënnen do eis Kooperatiounsprojeten um Terrain erliewen a virun allem vill vun de Beneficiairen treffen. Bei deene Reese geet et drëms Frënn ze begéinen, e Land a seng Kultur kennenzeléieren a konkret e Projet ze besichtegen. Dës Reesen zielen nieft villem aneren, zu engem vun de wichtege Momenter am Beräich vun der Sensibiliséierung fir d'Kooperatiounsaarbecht.

Ech wënschen eiser ONG nach ganz vill Joren an eng ganz engagéiert Zukunft! An ech géif mech freeë wann och an Zukunft nach vill vun eise jonken (a manner jonken) Memberen a Sympathisanten en oppent Häerz, Oueren an Aen hätten, fir eis Projeten an datt mir nach vill zesumme kënne realiséieren. Iech all e ganz grousse Merci oder wéi am Burkina Faso gesot gëtt: BARKA!

***Abbé Romain Richer***
*President*



***E Grupp vu jonke Membere vun der LLJ, déi sech am November 2017 e konkret Bild iwwer d'Kooperatiounsaarbecht maache konnten, déi am Burkina Faso geleescht gëtt***

# Revolutionär Entwécklung

## De Verdéngscht vum Tony Mailliet läit a senger Iddi, fir d'Ieselen, déi virun 1959 nëmmen als Drodéier gebraucht gi sinn, mat engem einfachen awer feste Kieler un ee liichte Plou ze spanen

Wéi den ***Tony Mailliet*** am Juli 1959 an der Ober-Volta - haut heescht dat Land Burkina Faso - den éischten Ieselskieler fabrizéiert huet, huet eng revolutionär Entwécklung an der afrikanescher Landwirtschaft südlech vun der Sahara ugefaangen.

Traditionell hunn d'Baueren hir Felder mam Daba - engem Heel mat engem kuerze Still - geakert. Si hunn an den ongeploute Buedem geséint an hu missen d'Onkraut, dat tëschent der Hirse gewuess ass, ewechkappen.

Den Tony huet d'Iesele mat sengem einfache Kieler un e Plou gespaant. Hien huet geplout, geéijt an a Reie geplanzt. Esou huet hien d'Onkraut mat engem Kappert, deen den Iesel tëschent de Reie gezunn huet, erausgerappt. Doduerch ass de Buedem och opgelockert ginn, d'Fiichtegkeet ass besser an de Buedem agezunn an de Karschnatz ass bedeitend besser ausgefall, wéi dat mat der traditioneller Method de Fall war.

Den Iesel, dee virdrun als Drodéier gebraucht gouf - fir d'Salz aus der Sahara a grousse Kierf an de Süden ze bréngen - gouf vun 1959 un, een Zuchdéier, dat eng Kar, e Plou oder soss eng landwirtschaftlech Maschinn gezunn huet.

Zéng Lëtzebuerger hu vun 1959 bis 1969 d'Baueren an deem westafrikanesche Land geléiert, fir mat den Ieselen um Feld ze schaffen. Am Joer 2008 huet de Service Coopération vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* (fréier: JB & JW) e groussen Zenter zu Imasgo opgeriicht, wou 1.500 Baueren de besseren Ëmgank mat den Iesele geléiert hunn. Haut verbreeden op véier verschidde Plazen am Burkina Faso ausgebilten Ekippen de Gebrauch vu landwirtschaftleche Geräter, déi dem Iesel ugepasst sinn a féieren dem Tony seng Aktioun, fir den Honger an der Welt ze bekämpfen, op eng modern Aart a Weis weider.

Liese mer elo op deenen nächsten zwou Säiten, wéi den Tony et viru 60 Joer fäerdegbruecht huet, fir Kieleren a grousser Stéckzuel ze maachen..

***Marcel Scheidweiler****

* *Nom Tony Mailliet deen 2. Entwécklungshelfer vun der LLJ – Service Coopération a.s.b.l. (fréier: JB & JW), dee vun 1960 - 1961 an der Ober-Volta (Burkina Faso) täteg war. Vun 2003 bis 2016 huet hien zu den aktive Membere vum Verwaltungsrot vun eiser ONG gezielt.*



*Wéi schonn den Tony Mailliet huet och de Marcel Scheidweiler (l.a.B.) déi jonk Bauere geléiert, wéi d'Kielere korrekt fabrizéiert ginn a wéi den Iesel agesat ka ginn, fir hinnen esou déi penibel Aarbecht mam Daba op de Felder ze erliichteren*

# Material fir Keeleren ze fabrizéieren

## De Keeler, ee vun de wichtegste Bestanddeeler, fir d'Aarbecht mam Iesel optimal ze realiséieren

E klenge sympathesche Réckbléck op den Ufank vun sengem Asaz fir déi lokal Produzenten aus der deemoleger Ober-Volta vum ***Tony Mailliet***, éischten Entwécklungshelfer vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* (1959 – 1960)

Ech së méintelaang duerch de ganze Burkina Faso – „Das Land der ehrenwerten Menschen" – gerannt, fir mat mengen zwee Keeleren, Propaganda fir d'Ploue mam Esel ze maachen, bis ech an der Clinique louch mat enger Geelzicht. Do hat ech gutt Zäit, fir nozedenken an dööcht op eemol: „Wanns du nach honnert Jar mat deenen zwee Keeleren dohier renns, da bass du nach eemol esu wäit, wi dat anert Mol. Du muss di Keeleren am Grousse maachen, fir datt di einheimisch Handwierksleit Modelle kréien, fir se nozemaachen. Awer wou solls de dat néidigt Material hierhölen?" – do wosst ech menger Hänn kee Rot.



*Fir den Tony war et deemools net evident, fir dat néidegt Material beieneen ze kréien, fir datt déi éischt Kielere fabrizéiert konnte ginn*

Wéi ech awer erëm gutt op de Been war, sot eng Kéier een zu mir: „Géi op Ouagadougou, do ass eng grouss Quincaillerie mat der Bezeechnung *Perisac*, do kanns de alles kafen, wats de brauchs. Du sënn ech eng Kéier moies op Koudougou gereest, bei den General-Ekonom, fir Geld vu mengem Kont opzeheewen. Ech hunn et emol net fäerdig bröcht, fir den Ekonom ze froen, wat eigentlech op mengem Kont géif stoen; ech hunn es nëmmen ëmmer kritt, wann ech es gebraucht hunn. Mat enger Täsch voll Geld sinn ech dunn di 100 km vu Koudougou op Ouagadougou getuckert. D'Quincaillerie Perisac hunn ech gutt fonnt, well engt grousst Schëld iwwer der Dier hung. Ech hunn dunn ee vu menge Keeleren aus der Remorque vum Moto geholl a sinn an d'Geschäft gaangen.

Do hunn ech dat Déngen op d'Théik geluecht a sot: „Lo muss ech där Dénger hei dausend maachen, kann ech d'Material dofir hei kafen?". „Jo", sot de Mann, „wat soll dat da sënn?". „Där Tapezéierneel hei, hutt Dir där?". „Oh jo! Wéivill? Ee Pak?". „Jo, ee Pak!". Du sot de Mann, „Dat së fënnef Kilo, dat sënn 100 000 där Neelercher, déi braucht Dir dach net!". „Dach", sot ech, „déi brauch ech". „Batsch!" goung et, du louch ee Pak Tapezéierneel op der Théik. „Nach eppes?".

„Stoff! – Jo, Stoff hunn ech eigentlech keen!". „Ech hunn nëmme ganz staarke Stoff, fir déi heizuland üblech Zëmmerdieren ze maachen, awer dee Stoff ass fuerchtbar deier. Oder mécht dat vläicht näischt wa Flecken dra sen?". „Nee Flecken, déi di glat näischt!", sot ech, „sou houfreg sënn d'Eselen net!".

De Mann goung an d'Neewenzëmmer a koum mat enger Rull vun engem Zenner däers Stoff zréck op d'Théik. „Wat soll ech dann elo erofschneiden?", sot de Mann. „Glat näischt", sot ech, „ech hölen d'ganz Rull". „Oh, da machen ech Eech awer ee spezielle Präis", sot de Mann, „do war eng Kéier Mazout dragelaf. Dat Déngen hott mech scho méi rose gemeet, wéi et wäert ass, ech ginn et iwwerhaapt net mi lass."

„Da brauch ech awer nach Lieder". „Lieder hunn ech awer kengt, kann es awer bestellen". „Nee Merci", sot ech, „ech brauch et direkt. Awer där Spulle mat Seeler vun 10 mm, wéivill kann ech där kréien?". „Souvill Der wëllt". „Da soe mer emol sechs". „Omei", sot de Mann, „Dir must awer e groussen Auto hunn; wéi transportéiert Dir dat alles?". „Ech hunn iwwerhaapt keen Auto", sot ech, „ech hunn nëmmen engt Motorrad. Et kënnt ee vun der Missioun alles sichen". „Ah! Dir sidd op der Missioun?", sot de Mann, „da kritt Der och nach 10%!". „Alt gutt", döcht ech.

### En interessante Client

An dann d'Rechnung. De Mann huet e Rechnungsblock geholl an eng schéin detailléiert Rechnung opgestallt. Hien huet mir d'Rechnung ginn, an d'Duerchschrëft hot e gehal. Ech hunn eng Kéier op d'Rechnung gekuckt an de Portefeuille erausgezunn, fir ze bezölen. Dunn huet de Mann ugefaange wéi e Geck ze laachen a sot dunn: „Dir sidd awer en interessante Client. Fir d'éischt kaaft Dir alles, wat ech engt Leewe laang net lass ginn an da bezuelt Der och nach buer. Normalerweis, wann ee vun der Missioun eppes hei keeft, da muss ech eng Rechnung schreiwen an dann dauert dat eng Zäit éier d'Geld kënnt. Dat awer ee vun der Missioun hei buer bezilt, dat war nach net do!"

Du hunn ech och gelaacht a gesot: „Et gëtt alt keng Reegel ouni Ausnam!".

Wéi ech op der Missioun Bescheed gesot hat, war et bal Mëttig; et war awer nach Zäit fir zréck op Koudougou ze fueren. Wéi ech zu Koudougou ukomm sinn, souzen d'Patere schonn um Dësch. Ech hu mech mat ugesat a mat geess. Du souz ech awer bei deem Eesse beim Entrepreneur, deen dem Bëschof säi Kolléisch gebaut hat. Deen hot mir iwwer dem Eessen d'Ouere voll getrotert, de Kolléisch wier engt Gebai, wéi wäit a breet kengt wier. Et wier bal fäerdeg, dat misst ech gesinn! „Ech hu jo gutt Zäit", sot ech, „da kommen ech no der Mëttesrast kucken", hunn ech versprach.

Wéi ech beim Kolléisch ukomm sinn, koum de Mann mir schonn entgéint. Mee fir unzefänken hunn ech mech net fir de Kolléisch intresséiert, mee fir eng Staang Bëtongseise vun 8 mm ø. „Ëm Gottes Wëllen, wat maacht Dir da mat enger Staang Eise vu 6 Meter laang?", sot de Mann. „Ech brauch keng 6 Meter" sot ech. „Ech schneiden dat Eisen a kleng Stécker fir Krämp ze man, fir u meng Keeleren". „Ma da kënnt Dir jo Offall brauchen", sot de Mann. „Ma, dat ass besser wéi eng Staang vu 6 Meter" sot ech. Du heeft de Mann eng Zementstut op an dorënner louch en décke Koup mat Stipp Eisen. „Kënnt Dir dat brauchen?" sot de Mann. „Ma sécher", sot ech, „dat brauch ech ganz néidig!". „Ma, dann hölt et esu séier an esu onopfälleg, ewéi méiglich hei ewech, soss kréien ech erëm Schwierigkeeten, dat ech d'Eise giff verbëtzelen".

## D'Eselsgespan ass einfach net méi ewechzedenken

Wéi mer de Kolléisch gekuckt haten, hunn ech gesinn, datt de Bëschof eng Fabréck, déi Faillite gemaach hat, wéinst der Bauplaz kaf hat. Fir d'Maschinnen an d'Gebaier war kee Liibhaber do, dofir hat de Bëschof dat alles matkritt, dofir louch dat alles verloossen an der Géigend ronderëm. Ei, dócht ech, do muss de awer mol kucken, ob näischt fir dech do läit. Do hunn ech dunn e ganze Koup Lieder Rimme fonnt, déi an der Zäit, wou d'Fabréck nach flott gung, gedingt hate fir d'Kraaft vun der Dampmaschinn op d'Pressen ze iwwerdroen. „Omei", ee Gléck, datt Perisac kengt Lieder hat an ech kengt bestallt hat. Hei louch es jo am Iwwerfloss um Tipp. Esou schéint, déckt, staarkt Lieder – einfach wonnerbar. Do hat de Schutzengel erëm ganz Aarbicht gemeet.

Esu hate mir an engem Dag – spottbëllig – alles wat mer gebraucht hunn, fir esou vill Keeleren ze maachen, wéi mer wollten. A wou de Marcel koum, war nach genuch an der Reserve, datt de Marcel nach 200 Keelere konnt maachen. Du war d'Eselsgespan garantéiert.

D'Leit sënn nach ganz aarm awer d'Bevëlkerung ass vu 4 Millioune Leit aus där Zäit op 17,8 Millioune Leit eropgaang – all déi net mat agerechent, déi jäerlich a mannerbevëlkert Länner auswanderen. Awer d'Eselsgepan ass einfach net méi ewechzedenken. Well et gëtt fir eng Hellewull Aarbichte gebraucht.



*Siichtlech Erliichterung vun der Feldaarbecht duerch dat deemools op der Plaz nach wéineg bekannten Uspane vun Ieselen*

# Déi eenzel grouss Etappen an der laangjäreger Geschicht vun der ONG am Bild

## 1. Etapp: *Vun 1959 bis 1969 an der Ober-Volta (Burkina Faso)*



*10 jonk Lëtzebuerger hunn sech an de Joren 1959 - 1969 an der deemoleger Ober-Volta dofir agesat, datt déi schwéier Aarbecht um Feld fir d'Bauere bedeitend erliichtert sollt ginn. Duerch den Asaz vum Iesel an engem liichte Plou ass de Karschnatz besser ausgefall, wéi dat bis dohi mat der traditioneller Method de Fall war*

Op de Säite 4 - 8 vun dëser Zeitung hu mir d'Ufäng vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (fréier: Jongbaueren a Jongwënzer) aus verschiddene Bléckwénkele beliicht an Zäitzeien zu Wuert komme gelooss. Op deene folgende Säite komme mir am Bild op déi eenzel grouss Etappen aus der 60-järeger Geschicht vun der Kooperatiounsaarbecht vun der LLJ zréck.

Vill vun deem, wat den haitege Service Coopération vun der LLJ ausmécht, ass op de Féllementer vun deenen éischten 10 Entwécklungshelfer (haut: Cooperant) opgebaut. Zesumme mam Jesuittepater Henri Spoden huet si de Wëlle gedriwwen, fir hiren Deel zur Aarmutsbekämpfung an der Welt bäizedroen.

## 2. Etapp: *Vun 1969 bis 1979 zu Djuma an Ëmgéigend am Zaïre (RDC)*





*E weidere jonke Lëtzebuerger huet sech vun 1969 un – iwwer laang Joren – op verschiddenen Niveauen am Zaïre (haut: République Démocratique du Congo) fir d'Landbevëlkerung agesat. Niewent anerem huet de Bréckebau ee vun de Schwéierpunkten an sengem Schaffen duergestallt. Ronn 30 al an hëlze Brécke sinn esou mat Hëllef vun den Duerfleit aus der Regioun vun Djuma „fit" gemaach ginn. Dat huet et de Baueren do erméiglecht, fir hir landwirtschaftlech Produkter un d'Händler ze verkafen, déi bis dohin net mat hire Camionen a vill ofgeleeën Dierfer fuere konnten.*



*Ee vun de Gruppe vun den deemolege Jongbaueren a Jongwënzer (haut: LLJ) virun der Kuliss vum mächtege Floss „Zaïre" zu Kinshasa, déi sech mam Nationalaumônier Léon Kirsch op de Wee an de Zaïre (haut: République Démocratique du Congo) gemaach hunn, fir sech e Bild iwwer d'Aarbecht ze maachen, déi op der Plaz am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung geleescht ginn ass.*

# Déi eenzel grouss Etappen an der laangjäreger Geschicht vun der ONG am Bild

## 3. Etapp: *Vun 1979 bis 1993 an de Centres de Formation vu Lwono an N'sele-Mwedi am Zaïre*






*Duerch déi reegelméisseg Visitten um Terrain konnt dee fréieren Nationalaumônier Léon Kirsch (2.v.l.) ëmmer nees Jonker aus de Reie vun de JB & JW fir d'Kooperatiounsaarbecht begeeschteren. No der Rees hunn der vill vun hinnen sech heiheem fir d'Saach staark gemaach*



*Vun 1979 un huet de Camille Pletschette sech mam Pater Antoine Ekkelboom vun de Styler Missionaren zesummegedoen, fir 300 km südwestlech vun Djuma de Centre de Formation Rurale (CFR) vu Lwono – a spéiderhin 30 km dovun ewech – de CFR vun N'sele-Mwedi an d'Liewen ze ruffen. An deene béiden Zentre si jonk Leit an der Véizuucht, der Landwirtschaft, der Agro-Foresterie, dem Uspane vun Ochsen, der Steemetzerei an der Schräinerei ausgebilt ginn. No der Formatioun konnten si sech mat hire Familljen an dësen Zentren installéiere fir vun den Infrastrukturen ze profitéieren, déi hinnen op der Plaz zur Verfügung stoungen: eegen Haiser, Schoulen, Dispensairen,...*



*E weidere Grupp vun de JB & JW, deen sech no der Visitt vum Centre de Formation Rurale vu Lwono, net de Bléck op deen imposante Grenzfloss entgoe loosse wollt*

# Déi eenzel grouss Etappen an der laangjäreger Geschicht vun der ONG am Bild

## 4. Etapp: *Vun 1993 bis 2003: Eng Hellewull vu méi a manner grousse Projeten am Bénin, Burkina Faso, Camerun, Congo, Côte d'Ivoire a Ruanda*

*Opgrond vun den Onrouen (1993) huet d'ONG hiren Asaz am Zaïre fir e puer Joer roue gelooss an huet d'Kooperatiounsaarbecht bis 1996 an d'Côte d'Ivoire verluecht, wou de Centre de Perfectionnement et de Développement Rural vu Niakaramandougou ënnerstëtzt ginn ass. Och hei ass den Akzent op d'Formatioun an d'Installatioun vu jonke Bauerefamillje gesat ginn.*

*Vun 1959 bis 1996 waren ëmmer nees jonk lëtzebuerger Cooperanten um Terrain mat am Asaz. No 1996 huet sech d'Kooperatiounsaarbecht vun eiser ONG lues a lues verännert, esou datt nach just mat lokale Partner (Congregatiounen, Associatiounen oder Verbänn) geschafft ginn ass/gëtt, déi an deenen uewegenannte Länner implantéiert sinn. Wéi et am Objektiv vun der ONG definéiert ass, gëtt d'Ënnerstëtzung an d'Begleedung vun der ländlecher Bevëlkerung zënterhier awer weiderhi grouss geschriwwen. Wärend dëser 4. Etapp sinn deemno virun allem Schoulen, Centres nutritionnels, Dispensairen, Spideeler, Weesenheemer an de ländleche Regiounen opgebaut an/oder equipéiert ginn.*












# Déi eenzel grouss Etappen an der laangjäreger Geschicht vun der ONG am Bild

## 5. Etapp: *Vun 2003 bis haut*



*Am Mäerz 2004 sinn de Verantwortlechen aus dem Kooperatiounsministère, d'Resultater vun der Etude d'impact virgestallt ginn (v.l.n.r.): d'Häre Jean Feyder, Direkter, Charles Goerens, Minister, Leo Wagener, President, Marcel Scheidweiler, 2. Cooperant vun der ONG*

Déi deemoleg Verantwortlech am Lëtzebuerger Kooperatiounsministère (MAEE) hunn de Verwaltungsrot vun der ONG am Joer 2003 encourageiert, fir eng Etude d'impact iwwer d'Aféierung vun der Traction asine am Burkina Faso (1959 - 1969) an d'Weeër ze leeden. Aus dëser Ëmfro ass kloer ervirgaangen, datt déi 10 jonk Lëtzebuerger viru 60 Joer vill dozou bäigedroen hunn, datt den Iesel en Zuchdéier ginn ass, dee fir d'Leit op der Plaz eng grouss Erliichterung bei hiren Aarbechten duerstellt.

Dësen Impuls vum fréiere Kooperatiounsminister Charles Goerens an dem Direkter Jean Feyder huet dozou bäigedroen, datt d'ONG – no de Joren 1993 – 2003 mat ville verschiddene méi oder manner klenge Projeten (virun allem an der Educatioun/Santé) – sech nees méi op d'Beräicher Landwirtschaft/Véizuucht fokusséiert huet.

Zënterhier gräift d'ONG och systematesch op de Kofinanzement vun de Projeten duerch den MAEE zréck






*Mat där neier Strategie fir d'Joren 2017 - 2021 huet de Verwaltungsrot de Kader, an deem sech d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG beweegt, nei definéiert; dat am Respekt vum Objet aus de Statuten „Soutenir et accompagner des projets de développement durable orientés vers les populations rurales de l'Afrique subsaharienne francophone" an de Moyenen, déi fir eng kleng ONG zur Verfügung stinn.*
*D'ONG ënnerstëtzt deemno haaptsächlech Aktivitéiten an de Beräicher Akerbau a Véizuucht, resp. an der Educatioun. D'Zillänner sinn de Burkina Faso an d'Demokratesch Republik Kongo, déi zu de Pays les moins avancés weltwäit zielen. Op der Plaz ginn d'Projete mat der Hëllef vu lokale Partner realiséiert. Dës Partner gi vum Verwaltungsrot no Kritäre vu Kompetenz, Zouverlässegkeet an transparenter Gestioun ausgewielt.*



*Vill weider a konkret Informatiounen zu deenen aktuelle Kooperatiounsprojeten op de Säiten 14 - 21 vun dëser Zeitung*

# E grousse Merci deenen, déi sech iwwer laang Joren, fir déi gutt Saach staark gemaach hunn

### *80. Geburtsdag vum fréieren Entwécklungshelfer a laangjärege Projektmanager vun der ONG: **Marcel Scheidweiler***



Am September 2018 hat sech eng Delegatioun vum Verwaltungsrot vun der ONG „LLJ – Service Coopération a.s.b.l." doheem beim Marie-Antoinette a Marcel Scheidweiler-Recken afonnt, fir hirem Frënd Marcel fir säin 80. Geburtsdag ze gratuléieren.

De Marcel, deen an de Joren 1960 - 1961 am Kader vun der Entwécklungszesummenaarbecht am Burkina Faso fir d'LLJ täteg war a spéiderhin iwwer laang Joren am Verwaltungsrot vun der ONG déi wichteg Funktioun vum Project Manager iwwerholl huet, ass ville jonke Membere vun der „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren" (LLJ) keen Onbekannten. A ville Reuniounen, op ville Manifestatiounen oder Generalversammlunge vun de regionalen LLJ-Gruppe war hie präsent, fir d'Memberen iwwer d'Aarbecht – déi d'ONG am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso leescht – mat senger sprëtzeger Manéier ze informéieren an si fir déi gutt Saach ze begeeschteren.

Mir wënschen dem Marcel weiderhi vill Satisfaktioun bei deene sëllechen Engagementer, déi him um Häerz leien an – virun allem – nach vill schéi Momenter am Krees vu senger Famill a senge Frënn.

Dem Marie-Antoinette soe mir e ganz grousse MERCI fir deen immens léiwen an häerzlechen Accueil a freeën äis drop, fir si spéitstens am Kader vun hirem 80. Geburtsdag zréckzegesinn. Hirer Duechter Anne, déi d'Delegatioun vun hirer Kachkonscht iwwerzeege konnt, soe mir e ganz grousse BRAVO!

### *80. Geburtsdag vum laangjäregen LLJ-Nationalaumônier a President vun der ONG: **Abbé Léon Kirsch***



Am November 2018 hunn d'LLJ-Presidenten Angèle Mersch a Marc Roeder zesumme mam Romain Richer, President, a François Glodt (net op der Foto), Sekretär vun der ONG „LLJ - Service Coopération", de Chanoine Léon Kirsch, fréieren Nationalaumônier vun eiser Associatioun, besicht, fir him nodréiglech – am Numm vum Nationalcomité, resp. vum Verwaltungsrot vun der ONG – fir säin 80. Geburtsdag ze gratuléieren.

Wärend dësem sympatheschen Treffen ass den Här Kirsch mat senger gewinnter sprëtzeger an erfrëschender Manéier - ënner anerem – op den 90. Anniversaire vun der Associatioun agaangen, dee bekanntlech den 10. November 2018 an der Däichhal zu Ettelbréck a Präsenz vu villen Invitéeë gefeiert konnt ginn. An deem Kontext ass hien, wéi och scho wärend der Talkronn op der Bühn an der Däichhal (Foto ënnen), op verschidde markant Evenementer aus deene vergaangenen Zäite vun der Jugendorganisatioun agaangen.

Mir wënschen dem Här Kirsch vun Häerzen nach vill schéi Jore bei gudder Gesondheet. Dësweidere wënsche mir him, datt hien deen Humor behält, deen him eegen ass.



## 1 BURKINA FASO – Imasgo, Tiogo, Koalma, Sabouna

# Renforcement de l'utilisation de la traction asine et des capacités productives des exploitations agricoles familiales dans 26 villages des provinces du Boulkiemdé, Sanguié, Sanmatenga et Yatenga



*Travaux d'entretien et de buttage, réalisés avec une kassine attelée à un âne sur une parcelle de démonstration à Koalma*

Réalisé en partenariat avec la Fédération des Professionnels Agricoles du Burkina (FEPAB), ce nouveau projet a démarré en mai 2018, et s'appuie directement sur la dynamique et le potentiel (humain et matériel) qui avaient été mis en place dans les 4 villages-pilotes de Imasgo, Tiogo, Koalma et Sabouna depuis 2008. Ainsi, chacun des 4 villages-pilotes disposait déjà d'une maison-relais (lieu de formation/réunion et de stockage) de matériel agricole communautaire (kassines et outils) et de 5 formateurs-relais chargés de relayer l'utilisation du duo âne-kassine et les techniques de production associées auprès de leur population et des villages environnants. Il s'agit maintenant de renforcer les compétences locales à différents niveaux, des artisans locaux (maintenance des équipements) aux techniciens des ministères de l'agriculture et de l'élevage qui accompagnent les producteurs, d'appuyer la création de groupements d'utilisation du matériel agricole en commun (GUMAC), et d'améliorer la gestion des petites exploitations familiales (accès aux semences et engrais, appui-conseil à l'exploitation).

Le projet ayant démarré en début de campagne agricole (juin à octobre), 12 parcelles de démonstration ont très vite été identifiées et mises en place pour montrer et divulguer auprès plus grand nombre les avantages des techniques de production en traction asine et kassine. Pour cela, chaque parcelle a été divisée en 2 surfaces égales, l'une travaillée à la main et l'autre en traction asine-kassine. Ce sont les 20 formateurs-relais et environ 240 producteurs locaux qui ont labouré, semé et entretenu les parcelles jusqu'aux récoltes. Lors de chaque opération culturale, des visites commentées ont été organisées avec l'accompagnement des services techniques de l'agriculture, et ont réuni au total près de 740 producteurs et productrices. Sur 8 parcelles principales, ces visites commentées ont également bénéficié de la présence de



*Visite d'une parcelle de démonstration à Koalma par l'équipe du projet (Elisabeth Kanssolé, chef du projet, et Antoine Tarpilga, formateur-conseil) et les agents techniques des services de l'agriculture*

représentants des ministères de l'agriculture et de l'élevage et des autorités locales, et ont fait l'objet d'une couverture médiatique.

Les 4 villages-pilotes ayant des conditions climatiques contrastées, avec des niveaux de pluviométrie et des sols variés, la mise en place des parcelles de démonstration a permis d'étudier de quelle façon était utilisé le matériel agricole ainsi que les modifications/adaptations des outils apportées par les producteurs. Dans le même temps, un nouveau prototype de kassine et des kits de nouveaux outils (butteur allégé, pattes d'oies pour canadienne) ont été mis à la disposition de chaque village-pilote pour être testés dans les parcelles de démonstration. Les résultats de ces études et tests ont été analysés en fin de campagne agricole et vont permettre de mieux cibler le matériel agricole indispensable pour répondre aux besoins spécifiques des différents villages.

Au cours de cette campagne agricole, et en attendant le démarrage de sessions de formation aux techniques de production en traction asine et kassine, plus de 400 producteurs ont d'ores et déjà bénéficié d'un accompagnement pratique dans leurs propres champs avec l'appui des formateurs-relais et à l'aide du matériel agricole communautaire.



*Les autorités locales et représentants des services de l'agriculture sur une parcelle de démonstration à Imasgo*

Les premiers résultats sont très prometteurs aussi bien au niveau des rendements des parcelles de démonstration travaillées en traction asine-kassine qui sont supérieurs en quantité et en qualité par rapport aux parcelles travaillées à la main, qu'au niveau de l'engouement des producteurs et des différents acteurs locaux pour l'utilisation du duo âne-kassine et ce, pour la première fois, sur l'ensemble des opérations culturales.

*Jacqueline Monville*
*Chargée de projets*

## Stärkung des Einsatzes des Eselgespannes sowie Optimierung der Produktionskapazitäten der landwirtschaftlichen Familienbetriebe in 26 Dörfern der Provinzen Boulkiemdé, Sanguié, Sanmatenga und Yatenga, Burkina Faso

**Dauer:** von Mai 2018 bis März 2021

**Lokalisierung**

Dörfer: ***Imasgo*** (maison relais) mit Tébo, Danierma, Rana, Pinou, Ouéra, Kolog-Wéogo, Kanyalé, Lounga
***Tiogo*** (maison relais) mit Tialgo, Tio, Tiogo Mouhoun, Bavila, Bwo
***Koalma*** (maison relais) mit Nongtenga, Lilbouré, Tallé Mossi, Zarin Peulh, Zarin Mossi
***Sabouna*** (maison relais) mit Dinguiri, Kerga, Barga, Derhogo

Gemeinden: Imasgo, Ténado, Pissila, Barga

Provinzen: Boulkiemdé, Sanguié, Sanmatenga, Yatenga

**Lokaler Partner**

FEPAB (Fédération des Professionnels Agricoles du Burkina)

**Hauptempfänger**

Ungefähr 11.000 Produzenten (m/w) aus den oben genannten 26 Dörfern

**Zielsetzung**

Stärkung des Einsatzes des Eselgespannes sowie Optimierung der Produktionskapazitäten der landwirtschaftlichen Familienbetriebe in 26 Dörfern der Gemeinden Imasgo, Ténado, Pissila und Barga

**Umsetzung**

- Die organisatorischen und materiellen Kapazitäten der 4 „Maisons relais" sowie der 22 angegliederten Dörfer werden gefestigt: Gründung von 4 Führungsgremien für die „Maison relais" (Infrastruktur, landwirtschaftliche Geräte, Ausbildung) sowie von 22 Ausschüssen in den angegliederten Dörfern zur Verwaltung des landwirtschaftlichen Materials, Einsatz von 20 qualifizierten Ausbildern (Eselgespanne und landwirtschaftliche Produktionsverfahren) zur Betreuung der Produzenten, Ausstattung der 26 Dörfer mit landwirtschaftlichen Geräten zur kollektiven Nutzung, Ausbildung von 12 Handwerkern, um die Wartung des Materials und die Herstellung des Geschirrs zu gewährleisten
- Die Produktionskapazitäten der landwirtschaftlichen Familienbetriebe und der Zugang zu den landwirtschaftlichen Geräten werden optimiert: Ausbildung von 10.000 Produzenten im Umgang mit Eselgespannen und landwirtschaftlichen Produktionsverfahren, Gründung von 20 Bauernvereinigungen zur kollektiven Nutzung der landwirtschaftlichen Geräte (GUMAC), Anlegung von Sicherheitsfonds zum Erwerb von Eseln und Karren, Anlegung von 16 Versuchsfeldern
- Die Verwaltungskapazitäten der Familienbetriebe und die Verfügbarkeit der landwirtschaftlichen Betriebsmittel werden verbessert: Gründung von 14 Gruppierungen zur Beratung der landwirtschaftlichen Familienbetriebe (CEF), um die Planung und Rentabilität der landwirtschaftlichen Tätigkeiten zu optimieren (Fruchtfolgen, Nutzung der landwirtschaftlichen Betriebsmittel, Rentabilität des Materials, Vermarktung der Produktion, Verwaltung der Vorräte), Integration der 26 Dörfer in das Versorgungssystem der FEPAB bezüglich der landwirtschaftlichen Betriebsmittel

**Gesamtbetrag**

782.771,11 €: Bezuschussung durch das Luxemburger Ministerium für Kooperation und humanitäre Hilfe: 80 %

# Visite des partenaires au Luxembourg

Deux représentants de la FEPAB sont venus au Luxembourg du 25 au 30 juin 2018 : M. Marc GANSONRE, Secrétaire général, et Mme Elisabeth KANSSOLE, Chargée de projets. A côté des réunions de travail et des échanges avec le CA, les partenaires ont pu visiter une exploitation agricole, rencontrer les membres de la LLJ, et découvrir la Foire Agricole d'Ettelbruck.

Cette visite a été l'occasion de partager ensemble les progrès réalisés dans la mise en œuvre du programme, les soutiens et collaborations établies avec les autorités locales et les services de l'agriculture et de l'élevage, ainsi que la planification des prochaines activités.



*Merci à Claude et à ses parents!*



*D.g.à d.: Claude Guth, Marc Gansonré, Elisabeth Kanssolé*



*Visite de l'exploitation agricole familiale Guth-Schweitzer à Hivange*



*Rencontre d'échange et de travail entre Elisabeth Kanssolé, chargée de projets de la FEPAB, et les membres du Conseil d'administration de l'ONG-D*

## 2 BURKINA FASO – Zambélé

# Réalisation d'un complexe scolaire à Zambélé



*Les élèves du Collège d'enseignement général lors de notre visite en novembre 2018*

Démarré en novembre 2016, le projet de construction du complexe scolaire public de Zambélé a entamé maintenant sa dernière année de réalisation. Les dernières classes du Collège d'enseignement général (CEG) ainsi que leurs installations sanitaires sont en cours de réalisation et seront prêtes (meublées, équipées et éclairées) pour la rentrée 2019

Le complexe scolaire s'est bien développé depuis notre première intervention sur place en 2015-2016 jusqu'à l'ouverture de la première classe de 4ème du CEG à la rentrée 2018. Ce sont maintenant près de 600 élèves qui sont scolarisés sur le site. Le seul niveau primaire qui existait à l'origine a été renforcé et complété avec la mise en place des niveaux préscolaire (3 à 6 ans) et post-primaire (CEG). Les enfants de Zambélé et des environs ont désormais la possibilité d'être scolarisés à proximité de leur village et d'accéder plus facilement aux différents niveaux d'enseignement (sans avoir à rechercher une place disponible dans un établissement en ville). Ceci contribue à la scolarisation continue des enfants dès leur plus jeune âge et bénéficie plus particulièrement à l'éducation et à la promotion sociale des filles.

Le nombre des personnels enseignant et administratif nommés et affectés à Zambélé par l'état burkinabè (Directions régionale et provinciale de l'Education nationale) a également progressé au fur et à mesure du développement du site. Ils sont désormais plus de 20 professeurs-instituteurs-éducateurs-employés (dont 50% de femmes) et l'arrivée d'éducateurs supplémentaires est attendue sous peu. De par la qualité de son encadrement et de son environnement de travail l'école de Zambélé atteint régulièrement des taux de réussite de plus de 90% aux examens de fin d'études primaires, et sert aussi de centre de formation pour les futurs instituteurs. L'ouverture du CEG à Zambélé a permis de récupérer beaucoup d'élèves qui avaient abandonné leurs études après le primaire faute de moyens financiers ou de places disponibles dans d'autres établissements. Le complexe scolaire leur offre ainsi une seconde chance. D'autres élèves originaires de Zambélé, ou des environs, et scolarisés dans des villes éloignées comme Ouaga, Bobo, Banfora, ont également pu rentrer au village pour poursuivre leur scolarisation et alléger la pression financière qui pesait sur leur famille.

Parallèlement au développement du complexe scolaire, une structure d'encadrement de la petite enfance (crèche) a été ajoutée au projet afin de prendre en compte l'évolution du contexte socio-économique burkinabè : augmentation du taux d'emploi des femmes, horaires de travail décalés, familles monoparentales. Cette structure de garde des enfants en bas âge (0 à 3 ans) vise à permettre aux femmes d'intégrer le marché du travail ou d'entreprendre des activités génératrices de revenus, et à donner plus de moyens financiers aux ménages pour scolariser leurs enfants. Le bâtiment de la crèche sera construit à proximité du Centre artisanal féminin de Zambélé (créé par l'Initiative « Partage Afrique ») et pourra accueillir 40 bébés et jeunes enfants sous la supervision d'un personnel qualifié.

Face à ce succès, des préparatifs sont actuellement en cours pour assurer l'ouverture d'un lycée (seconde-





*Les jeunes élèves et les responsables du niveau préscolaire*

première-terminale) à partir de la rentrée 2020, de façon à ce que les premiers élèves qui achèveront le CEG puissent directement accéder au niveau suivant sur le même site. Grâce à la participation active des acteurs locaux et à l'implication des représentants de l'éducation nationale, le complexe scolaire public de Zambélé est bien intégré dans le programme gouvernemental de développement de l'éducation de base et participe au renforcement des capacités locales.

***Jacqueline Monville***
*Chargée de projets*

## Ausbau der Infrastrukturen des Schulkomplexes von Zambélé, Burkina Faso

**Dauer:** von November 2016 bis Oktober 2019



**Lokalisierung**

Hauptdorf: Zambélé
Gemeinde: Gomponsom
Provinz: Passoré

**Lokaler Partner**

CVD (Conseil Villageois de Développement) von Zambélé

**Hauptempfänger**

Die Kinder der Bevölkerung von Zambélé und der umliegenden 11 Dörfer: ungefähr 9.000 Kinder und Jugendliche im Alter unter 15 Jahren

**Zielsetzung**

Förderung des Zugangs zur Schulausbildung und Verbesserung der diesbezüglichen Rahmenbedingungen für die Kinder und Jugendlichen von Zambélé und der umliegenden Dörfer

**Umsetzung**

- Ausbau der Infrastrukturen des Schulkomplexes: 16 Klassensäle, 4 sanitäre Blöcke, 1 Bürogebäude, 1 Küche, 1 Refektorium, 3 Wohneinheiten für das Lehrpersonal
- Ausstattung dieser Gebäude: Möbel, Unterrichtsmaterial, Büromaterial, Küchenutensilien, Vorrat an Lebensmitteln, Solarpaneelen zum Beleuchten der Klassenräume und zur Stromversorgung des Verwaltungsgebäudes
- Versorgung des Ortes mit sauberem Trinkwasser: eine weitere Grundwasserbohrung sowie die Installation einer zweiten solarbetriebenen Wasserpumpe zum Füllen des vorhandenen Wasserspeichers, 2 Wasserzapfstellen, 3 Wasserzuleitungen (jeweils eine für die Küche, das Refektorium und das Verwaltungsgebäude), 2 Sensibilisierungstagungen zu den Themen Hygiene und rationaler Nutzung des Trinkwassers

**Gesamtbetrag**

653.737,11 €: Bezuschussung durch das Luxemburger Ministerium für Kooperation und humanitäre Hilfe: 75 %

## 3 BURKINA FASO – Sam

# Projet intégré d'amélioration et de diversification des productions agro-sylvo-pastorales dans 15 villages de la commune de Kongoussi




*L'accès au savoir-faire à travers les formations et l'amélioration des techniques agricoles ainsi que l'opportunité pour les populations de poursuivre des activités lucratives permettant de stabiliser la sécurité alimentaire font partie des clés pour un développement durable et stable*

Le présent projet s'insère dans un contexte politique local davantage fragilisé par les récentes attaques terroristes au Nord et à l'Est de la zone d'intervention du projet qui visent à déstabiliser l'harmonie entre différentes ethnies surtout entre musulmans et chrétiens. Selon la philosophie des partenaires du projet, l'accès au savoir-faire à travers les formations et l'amélioration des techniques agricoles d'une part et d'autre part l'opportunité pour les populations de poursuivre des activités lucratives permettant de stabiliser la sécurité alimentaire font partie des clés pour un développement durable et stable. Il s'agit ainsi de contribuer à la lutte contre l'ignorance et la pauvreté dans les régions rurales du Burkina Faso qui sont un terrain propice pour l'expansion des idéologies extrêmes et pour l'émigration, faute d'alternatives pour donner des perspectives.

Le projet cours vers la fin de ses 3 années d'exécution et la majorité des activités prévues a pu être réalisée. Les bassins de rétention d'eau, appelés boulis, ont pu être construits et aménagés au nombre de 5 ainsi qu'un micro-barrage, et autour de tous ces ouvrages un périmètre maraîcher a pu être installé. Sur cette première année de test en plantation de légumes c'est essentiellement le haricot vert qui a été privilégié par les producteurs. La tomate et la pomme de terre ont également été plantées et le tout sans utilisation de produits chimiques et avec de l'engrais naturel sous forme de compost que les producteurs ont appris à préparer suite aux formations incluses dans le projet.

Les capacités des agriculteurs ont été renforcés grâce aux experts extérieurs au projet, tels que M. Jo Ballade (Prommata International) et M. Antoine Tarpilga (Formateur-conseil en traction asine et kassine) qui ont permis aux agriculteurs d'apprendre l'utilisation des ânes avec l'attelage kassine pour pratiquer le zaï (technique agricole sahélienne qui permet la rétention de l'eau au pied du plant) plus facilement sur des grandes surfaces ou encore pour préparer les parcelles au maraichage. L'intervention de l'Association pour la Recherche et la Formation en Agroécologie (ARFA) a permis de former et d'accompagner les bénéficiaires sur

Ce projet a été initié et est réalisé par l'ONG-D luxembourgeoise ***Le Soleil dans la Main (ASDM),*** en collaboration avec *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.* (LLJ-SC) et l'ONG *SOS Sahel International Luxembourg*. Le MAEE a cofinancé ce projet à hauteur de 75%. Le partenaire local qui assure la mise en œuvre du projet est l'ONG *SOS Sahel International Burkina Faso*.

le terrain en termes de production de fourrage, de compostage, fumure organique et de semences pour le maraichage écologique. Il y a également eu une formation pour une dizaine de pisciculteurs autour de la retenue d'eau de Sam qui permet l'élevage de poissons.

Une phase de prolongation est prévue jusqu'au mois de novembre 2019 afin de permettre de lancer la prochaine saison de maraichage. Nous attendons de cette phase que les producteurs soient réconfortés des résultats positifs de cette première année de test pour arriver à terme à occuper l'ensemble des 11 ha prévus initialement et de diversifier davantage les cultures. D'autre part la consolidation de l'utilisation de la kassine sera assurée et l'ONG Le Soleil dans la Main s'engage avec ses partenaires de continuer à soutenir les bénéficiaires du projet au-delà de la durée officielle du projet via son équipe locale sur place. Celle-ci assure le suivi des projets réalisés dans cette région depuis maintenant plus de 15 ans. A ce titre un animateur spécialisé en agroécologie a été formé par ARFA pour pouvoir faire ce travail de suivi et d'accompagnement sur le terrain. Comme indiqué au début, l'impact positif de ce genre de projet est indéniable dans une zone au monde qui est devenue la proie du changement climatique concomitamment avec les attaques terroristes. Il s'agit maintenant de continuer à renforcer les capacités des bénéficiaires du projet via un accompagnement régulier dans leurs activités quotidiennes pour permettre d'augmenter le rendement et les gains et donc de donner ainsi une réelle perspective aux jeunes, autre que l'orpaillage, l'exode rural ou encore l'adhésion à des groupes d'extrémistes.

***Luc Siebenaller***

*Le Soleil dans la Main*

## Optimierung und Diversifizierung der landwirtschaftlichen und forstwirtschaftlichen Produkte in 15 Dörfern der Gemeinde von Kongoussi, Burkina Faso

**Dauer:** von April 2016 bis November 2019

Entwicklungsvorhaben der NRO **Le Soleil dans la Main** (ASDM), in Zusammenarbeit mit Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l. und SOS Sahel International Luxembourg

**Lokalisierung**

Hauptdörfer: Sam, Bogonam, Rambo, Temnaoré, Lourgou, Darbiti
Gemeinde: Kongoussi
Provinz: Bam

**Lokaler Partner**

SOS Sahel International Burkina Faso

**Hauptempfänger**

Mehr als 1 600 Privathaushalte: ungefähr 11 000 Personen, die in den oben genannten Hauptdörfern leben

**Zielsetzung**

Steigerung und Diversifizierung der landwirtschaftlichen und forstwirtschaftlichen Produkte, um einerseits dem Bedarf an Getreide entgegenzukommen und andererseits die Einkommen der Privathaushalte in Kongoussi zu verbessern

**Umsetzung**

- Das Wasser ist verfügbar, um die Produktion sowie das Tränken des Viehs zu gewährleisten (5 Wasserrückhaltebecken, 1 Mikro-Staudamm). Auch sind die Regeln im Hinblick auf den Zugang und die Nutzung des Wassers festgelegt (Abgrenzung der Zugangskorridore, ...)
- Die Anbauflächen von insgesamt 12 Ha - die für den nachhaltigen Gartenanbau bestimmt sind – werden angelegt, um die Diversifizierung der landwirtschaftlichen Produkte voranzutreiben
- Die technischen und organisatorischen Kapazitäten der Produzenten werden verstärkt, durch Schulungen zu den Themen: Futterpflanzenanbau, Einsatz des Esels und des Ackergerätes „Kassin" zur Bewirtschaftung der Felder, ökologischer Gemüseanbau, Herstellung von Kompost, Produktion von Pflanzgut, Aufforstung, Fischzucht, Herstellen/Einsatz von Brennstoff sparenden Feuerstellen
- Die Speicherung sowie die Verarbeitung der landwirtschaftlichen Produkte werden optimiert, um eine Gewinnmaximierung bei der Kommerzialisierung zu erzielen: 6 Silos zur Konservierung der Zwiebeln, 1 Verarbeitungs-/Trocknungseinheit, Schulung für die Mitglieder einer Frauenvereinigung zu den Themen Verarbeitung und Verkauf der Produkte, Betriebskapital für die Verarbeitungseinheit, Mikro-Kredit für die weiteren Einkommen schaffenden Aktivitäten der Frauen

**Gesamtbetrag**

880.696,02 €: Bezuschussung durch das Luxemburger Ministerium für Kooperation und humanitäre Hilfe: 75 %

# Dag vun der Kooperation 2018

En Dag zugonschte vun de Kooperatiounsprojete vun der ONG „LLJ – Service Coopération a.s.b.l.“, organiséiert vum regionale Grupp „Zenter“ vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ)



*De Fränz Kass (an der hënneschter Rei, 1.v.r.), President vun der LLJ Zenter, mat engem Deel vun der Equipe, déi sech vill Méi ginn hunn, fir hire Gäscht e flotten Dag zu Rammerich ze bidden*



*Staarken Asaz an der Kichen, fir datt kee vun de Gäscht huet missen hongereg heemgoen*

Den 18. November 2018 war et op en Neits un deene Jonke vun der LLJ Zenter fir op den ***Dag vun der Kooperatioun*** op Rammerich anzelueden.

Wéi d'Traditioun et wëllt, ass zum Optakt vum Dag zugonschte vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun eiser ONG an der Porkierch vu Rammerich eng Mass mam Nationalaumônier Romain Richer gefeiert ginn. An senger Priedegt ass hien op d'Aarbecht agaangen, déi eis ONG zënter 1959 an Afrika leescht, an huet déi aktuell Projete virgestallt, déi am Burkina Faso an Zesummenaarbecht mat eise lokale Partner ëmgesat ginn.

An der Tëschenzäit hunn déi jonk Membere vun der *LLJ Zenter* déi lescht Virbereedunge getraff, fir hir Gäscht no der Mass am Centre Culturel begréissen ze kënnen.



*Op en Neits e vollbesate Centre Culturel mat sympathesche Leit, déi d'Aktioune vun der ONG iwwer dee Wee gären ënnerstëtzen*




*De Verantwortleche vun der Musek vu Groussbus & Wal – mat virop hirem President Pierre Loesch (2.v. l.) – e grousse Merci fir dee sympathesche Gest zugonschte vun der Kooperatiounsaarbecht vun der LLJ an Afrika*

De Concert-Apero ass vun der Musek vu Groussbus & Wal gespillt ginn. Uschléissend huet de Pierre Loesch, President vun der Musek, dem Romain Richer, a senger Funktioun als President vun eiser ONG, de Montant iwwerreecht, deen am Virfeld tëscht der *LLJ Zenter* an de Museker fir hiren Optrëtt ausgemaach gi war.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG huet de Romain Richer dem Pierre Loesch – dee bei der LLJ keen Onbekannten ass - an de Verantwortleche vun der Musek vu Groussbus & Wal e ganz grousse Merci fir dee sympathesche Gest am Interessi vun eiser Kooperatiounsaarbecht am Burkina Faso ausgeschwat.

Och dem regionale Landjugendgrupp an hirem President Fränz Kass huet hien e grousse BRAVO ausgeschwat, fir hire virbildlechen Asaz am Interessi vun der gudder Saach



*D'Angèle Mersch (an der Mëtt mam Plateau), LLJ-Presidentin, huet zesumme mam Camilya Berriri (an der 1. Rei, 3. v. l.), Trésorière adjointe vun der ONG, hire Charme agesat, fir d'Holzfiguren un de Mann/Fra ze bréngen. Den Erléis vun dëse Figuren ass an d'Kooperatiounsaarbecht gefloss, déi am Burkina Faso geleescht gëtt*

# Wonnerbar Geste vu Solidaritéit mam Burkina Faso vun der LLJ Cliärref an dem Lely Center Urspelt






Fotoen: Chris Bewer

Am Kader vun der Generalversammlung 2018 vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren **Cliärref** a.s.b.l.* konnt de Romain Richer, President vun eiser Hëllefsorganisatioun direkt 2 Schecke fir d'Kooperatiounsaarbecht am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso entgéinthuelen.

Esou ass engersäits déi impressionnant Zomm vu **4.500 €** un d'ONG gaangen, déi um Dag vun der Kooperatioun vum 1. Oktober 2017 vum regionale Landjugendgrupp erwirtschaft ginn ass. Dësweideren huet den Här Luc Van Laar vum ***Lely Center Urspelt*** a fréiere Member vun der LLJ Cliärref, d'ONG mat engem Scheck vun **1.250 €** ënnerstëtzt. Dës Zomm kënnt aus dem Erléis vum Buffet vun der Feier zum 10. Anniversaire vum Betrib.

Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir der Equipe ronderëm de Fränz Schlechter, President vun deene Cliärrefer, an deene Verantwortleche vum Lely Center Urspelt, e ganz grousse MERCI fir dës schéi Geste vu Solidaritéit mat de mannerbemëttelte Bauerefamilljen am Burkina Faso.

# Generéise Scheck vun der LLJ Uewersauer

Bei Geleeënheet vun hirer dësjäreger Generalversammlung, déi den 11. Januar 2019 zu Donkels am Sall ofgehale ginn ass, hunn d'Verantwortlech vum regionale *Landjugendgrupp Uewersauer* dem Vertrieder vun eiser ONG e generéise Scheck am Wäert vun **2.000 €** iwwerreecht.

Wéi de Romain Richer, President vun der ONG, deene Jonke versächert huet, fléissen dës Suen integral an d'Kooperatiounsprojeten, déi d'ONG an Zesummenaarbecht mat hire lokale Partner am Burkina Faso realiséiert.



Der jonker Equipe mat hirer fréierer Presidentin Jenny Daubenfeld soe mir e ganz grousse MERCI fir dëse schéine Gest am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung am afrikanesche Land.

# Am Asaz fir déi gutt Saach um Museksfest IMBASA zu Clierf



Am Kader vum Museksfest, dat iwwer de Weekend vum 16.-17. Juni 2018 vun der A.s.b.l. IMBASA op der Maartplaz zu Clierf organiséiert ginn ass, hunn eenzel Vertrieder vun eiser ONG sech zesumme mat verschiddene Membere vum regionale *Landjugendgrupp „Cliärref"* fir déi gutt Saach agesat an d'Aarbechten um Grillstand zugonschte vun eiser ONG organiséiert.

Wéi dat vun de Verantwortleche vun IMBASA erwënscht war, ass den Erléis vum Grillstand an d'Kooperatiouns-aarbecht gefloss, déi eis ONG am ländleche Raum am Burkina Faso realiséiert. Mir soen deene Verantwortleche vun der A.s.b.l. IMBASA e grousse Merci fir dëst Entgéintkommen an der Equipe ronderëm de Carlo Schiltges (1.v.r.), Vizepresident vum Verwaltungsrot vun der ONG, respektiv dem Fränz Schlechter (1.v.l.), President vun der LLJ Cliärref, e grousse Merci fir dëse flotten Asaz fir déi gutt Saach.

D'A.s.b.l. IMBASA setzt sech fir Kanner a Fraen a Südafrika an. Méi Informatiounen zu dëser Hëllefsorganisatioun ënner ***www.imbasa.lu.***

# Generéise Scheck vun de „Fraen a Mammen" vu Clierf



Wärend hirer Generalversammlung vum 4. Mee 2018 hunn d'*Fraen a Mamme vu Clierf* véier Schecken am Gesamtwäert vun **12.000 €** u verschidden Hëllefs-organisatiounen iwwerreecht.

Niewent den Associatiounen „Blëtz a.s.b.l", „Aide au Bénin" an „Eng oppen Hand fir Malawi" hunn déi Verantwortlech vun der lokaler Sektioun vun den „Fraen a Mammen" deemno och eiser ONG déi generéis Zomm vun **3.500 €** zoukomme gelooss.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG soe mir deene sympatheschen Dammen ee ganz grousse MERCI fir dee wonnerbare Gest vu Solidaritéit mat de mannerbemëttelte Populatiounen am afrikanesche Land.

# Generéise Scheck vun der LLJ Süden




Och beim regionalen *LLJ-Grupp Süden* ass d'Solidaritéit mat der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso grouss geschriwwen. Op hirer dësjäreger Generalversammlung, déi den 8. Mäerz 2019 an der Hal vun der *Union des Bons Amis de Burange* zu Diddeleng ofgehale ginn ass, hunn si de Vertrieder vun der ONG – dem Romain Richer (5.v.l.), President, a Camilya Berriri (2.v.r.), Trésorière adjointe – e Scheck am Wäert vun **1.000 €** iwwerreecht.

Deene Jonke vun der LLJ Süden mat hirem President Jeff Schmit (4.v.l.) soe mir e ganz grousse MERCI

# Generéise Gest vum Lions Club Gehaansbierg zugonschte vun eiser Kooperatiounsaarbecht am Burkina Faso




E Mëttwoch, de 6. Juni 2018, hunn déi Verantwortlech vum *Lions Club Gehaansbierg* an de Restaurant La Rameaudière op Elleng-Gare agelueden, fir am Kader vun enger gemittlecher Ronn e Scheck am Wäert vun **3.000 €** un d'Vertrieder vun eiser ONG ze iwwerreechen.

De President Romain Richer an d'Trésorière adjointe Camilya Berriri si bei där Geleeënheet op d'Kooperatiounsaarbecht agaangen, déi d'ONG am Interessi vun de lokale Produzente vun – a ronderëm – Imasgo, Tiogo, Koalma a Sabouna, respektiv vun der Communautéit aus dem Schoulkomplex vu Zambélé leescht.

Am Numm vum Verwaltungsrot hunn si dem Här President Patrick Gillen, an de Membere vum Lions Club Gehaansbierg e grousse Merci ausgedréckt, fir dee schéine Gest zugonschte vun deenen uewegenannte Beneficiairen.

# Generéise Scheck vun der LLJ Zenter



Wéi et bei deene Verantwortleche vum *„Zenter“* schonn zënter laange Joren eng Traditioun ass, hunn och si op en Neits d'Vertrieder vun der ONG op eng Scheckiwwerreechung invitéiert.

Op der Generalversammlung, déi den 8. Februar 2019 an der Sëllerstuff ofgehale ginn ass, hunn si dem Romain Richer e generéise Scheck am Wäert vun **2.000 €** iwwerreecht. Deene Jonke mat hirem President Fränz Kass (1.v.l.) e ganz grousse MERCI.

# Generéise Scheck vun de Jeunes Mamans vu Miersch

E Freideg, den 1. Februar 2019 hunn d'*Jeunes Mamans vu Miersch* op eng net alldeeglech Scheckiwwerreechung an d'Veräinshaus op Miersch agelueden. D'Madame Sylvie Hames (2.v.r.), Presidentin vun de Jeunes Mamans vu Miersch, huet do ëmmerhin d'Vertrieder vu fënnef verschiddenen Hëllefsorganisatioune begréisst, déi am In- a wäiten Ausland an ënnerschiddleche Beräicher fir eis Matmënschen täteg sinn.

Ageluede waren d'Associatiounen Action pour un Monde Uni, Dysphasie.lu, Schrëtt fir Schrëtt, Wonschkutsch a *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération*, déi jeeweils e Scheck am Wäert vu **4.000 €** vun deene sympatheschen a äusserst aktiven Dammen iwwerreecht kruten. Déi erstaunlech Zomm hunn si bei Geleeënheet vun hiren traditionelle **Second-Hand-Mäert** erwirtschaft, déi si zënter laange Joren am Interessi vun der gudder Saach organiséieren.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun eiser ONG soe mir der Madame Hames an hirer Equipe e ganz grousse MERCI fir dëse wonnerbare Gest.

Mat gudde Kleeder, déi Dir weiderreeche wëllt, kënnt Dir d'Damme bei hiren Aktiounen ënnerstëtzen. Fir weider Informatiounen: **snos@pt.lu**.




*Foto: Charel Reiser*

# Eng Ham fir de gudden Zweck aus dem Buttek „Um Haff" vu Lelleg




Op hirem Stand op der dësjäreger Foire Agricole vun Ettelbréck (FAE) huet d'Famill Clemens-Schintgen aus dem Buttek „Um Haff" vu Lelleg (**www.buttek-umhaff.lu**) op en Neits eng Ham fir de gudden Zweck offréiert. Déi Interesséiert konnten d'Gewiicht vun der Ham fir e klenge Géigepräis schätzen.

D'Ham hat e Gewiicht vu 4.300 gr. Well zwou Damme genau dat Gewiicht geschat haten, huet d'Lous entscheet. D'Ham geet deemno un eng Damm vu Berscheid an Däitschland. Den Trouschtpräis krut eng Damm vu Feelen. Si konnt direkt e Stéck Ham vun 2 kg matheemhuelen. Déi zwou Gewënnerinnen hunn sech immens gefreet.

Den Erléis (**200 €**) vun dëser sympathescher Aktioun, déi scho fir déi drëtte Kéier op der FAE vun der Madame Marianne Clemens-Schintgen organiséiert ginn ass, kënnt der Kooperatiounsaarbecht am Burkina Faso vun der ONG *„Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l."* zegutt.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG soe mir der *Famill Clemens-Schintgen* e ganz grousse Merci fir dës flott Initiativ.

Find us on: facebook

## Ënnerstëtzung vun der ONG-D mat Hëllef vun Digicash

Dir kënnt d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l." mat engem Don ënnerstëtzen, deen Dir mat Hëllef vun Digicash op Ärem Smartphone maacht.

Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir e grousse Merci fir all Ënnerstëtzung zugonschte vun eise Kooperatiounsprojeten an Afrika.



# Holzstee vun der ANF zugonschte vun eiser ONG



Am Kader vun der Foire Agricole 2018 huet d'Administration de la Nature et des Forêts (ANF) eng Holzstee zugonschte vum *Service Coopération* vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* organiséiert. Bei där Geleeënheet si 44 Ster Holz, 120 m3 Hackschnitzel, e klenge Chalet an 2 Bänken ënner den Hummer komm.

D'Zomm vun **3.350 €**, déi esou bei der spontan organiséierter Stee erakomm ass, fléisst integral an d'Aktioun „Geseems fir d'Produzenten am Burkina Faso", déi de Verwaltungsrot vun der ONG am Kader vun engem rezente Kooperatiounsprojet op der FAE lancéiert huet. Dëse Kooperatiounsprojet huet zum Zil, fir d'Produktiounskapassitéite vun de lokale Produzenten duerch den Asaz vun der Traction Asine, den Accès u landwirtschaftlecht Aarbechtsgeschir an d'Verbesserung vun den Techniken ze optimiséieren. E gëtt vum Lëtzebuerger Kooperatiounsministère cofinanzéiert.

Deene Verantwortleche vun der ANF – an am Speziellen dem Här Théo Moulin, deen d'Koordinatioun vun der Stee iwwerholl hat – huet d'Marie-Claude Dornseiffer-Marx, Vizepresidentin, am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG e ganz grousse MERCI ausgedréckt, fir dëse schéine Gest zugonschte vum Bauerestand am afrikanesche Land.

Och eisem Frënd a fréiere President vun der LLJ, dem Christian Hahn, soe mir e grousse Merci, fir säi sympatheschen Asaz an der Funktioun vum Ausriffer.





# Kaarte fir bei all Geleeënheet fir de gudden Zweck

## Zugonschte vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun der ONG am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika

Mir weisen drop hin, datt nei Kaarte mat Impressiounen aus dem Burkina Faso vum ***Philippe Mitsch***, laangjärege Member, a ***Romain Richer***, President vum Verwaltungsrot vun der ONG, an der Zentral vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren bestallt kënne ginn.



Den Erléis vum Verkaf vun dëse Kaarten, fir bei Geleeënheet vun enger Daf, enger Hochzäit, engem Anniversaire, engem Stierffall, … fléisst an d'Entwécklungszesummenaarbecht, déi eis ONG am Burkina Faso mat hire lokale Partner realiséiert.

**Präis**

Bei der Bestellung vun 1 bis 9 Kaarten: 3 € (+ Envoi)
Bei der Bestellung vun 10 Kaarten un: 2,50 € (+ Envoi)

**Bestellung**

Wa méiglech soll d'Bestellung iwwer de Formulaire gemaach ginn, deen op der Homepage vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren ze fannen ass. Fir säi Choix ze maachen, fënnt een deemno ënner ***www.jongbaueren.lu*** jeeweils en Exemplaire vun deene 17 Kaarten.

D'Kaarte kënnen awer och weiderhin iwwer Tel. 44743 – 252 oder per Email ***secretariat@jongbaueren.lu*** ugefrot ginn.











# AKTIOUN

## ZERTIFIÉIERT GESEEMS FIR D'PRODUZENTEN AM BURKINA FASO

**_Mat 10€ kënnt Dir e Produzent/eng Produzentin ënnerstëtzen, fir e Feld unzebauen:_**

- vun 0,85 ha mat 13 kg zertifiéiertem Mais-Som
- vun 1,60 ha mat 16 kg zertifiéiertem Sorgho-Som
- vun 0,75 ha mat 9 kg zertifiéiertem Niébé-Som



*L'âne sahélien, petit mais robuste et résistant, est un moyen simple et à la portée des plus pauvres pour réduire la pénibilité du travail humain*

Zesumme mat der **Fédération des Professionnels Agricoles du Burkina** realiséiert d'ONG e Projet mam Zil, d'Produktiounskapassitéite vun de Familljebetriber ze verbesseren, duerch den Asaz vun der Traction Asine, den Accès u landwirtschaftlecht Aarbechtsgeschir an der Verbesserung vun den Techniken.

Schwaach Rekolten an d'Croissance vun der Ernierungsonsécherheet si meeschtens op d'Feele vu Produktiounsmoyenen (Zuchdéieren, Aarbechtsgeschir) awer och op déi schlecht Qualitéit vum Geseems zréckzeféieren.

Gutt Geseems ass lokal produzéiert, un déi respektiv klimatesch Zon adaptéiert, assuréiert eng gutt Rekolt a garantéiert datt d'Produktioun homogen a vun héijer Qualitéit ass.

Den Accès un zertifiéiert Geseems ass ee vun de Schlësselelementer, déi d'Produktivitéit optimiséieren an esou d'Ernierungsbesoinen/d'Liewenskonditioune vun de Famillje verbessere kënnen.

# ACTION

## SEMENCES CERTIFIÉES POUR LES PRODUCTEURS DU BURKINA FASO

**_Avec 10€ (6 560 FCFA), vous pouvez soutenir un producteur/une productrice à planter:_**

- 0,85 ha de maïs avec 13 kg de semences certifiées
- 1,60 ha de sorgho avec 16 kg de semences certifiées
- 0,75 ha de niébé avec 9 kg de semences certifiées

En partenariat avec la **Fédération des Professionnels Agricoles du Burkina**, LLJ-SC réalise un projet visant à renforcer les capacités de production des petites exploitations familiales par le biais de l'utilisation de la traction asine dans le travail agricole, de l'accès au matériel agricole et de l'amélioration des techniques culturales.

La faiblesse des récoltes et la croissance de l'insécurité alimentaire sont souvent dues à l'absence des moyens de production (animaux de trait, matériel agricole) mais également à la mauvaise qualité des semences utilisées.



*Une production abondante obtenue grâce à l'utilisation de semences de qualité*

Une bonne semence est produite localement, adaptée aux zones agro-climatiques d'utilisation, assure un taux de germination élevé et une bonne récolte, garantit une homogénéité de la production et un produit de qualité.

L'accès à des semences certifiées est un élément clé pour augmenter la productivité des petites exploitations vivrières, couvrir les besoins alimentaires des familles et améliorer leurs conditions de vie.

## Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren Service Coopération a.s.b.l.

De **Service Coopération** (SC) vun der Asbl **Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren** (LLJ) ass eng ONG, déi scho bal 60 Joer an der Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika täteg ass. Si ass domat eng vun den éischten unerkannten Associatiounen hei am Land, déi an dësem Domaine aktiv ginn ass. D'Zil war et – an ass et och nach haut - **zur Verbesserung vun de Liewenskonditioune vun der ländlecher Bevëlkerung** bäizedroen.

Eis ONG ënnerstëtzt haaptsächlech Aktivitéiten an de Beräicher **Akerbau a Véizuucht**, resp. **Educatioun**. Mir si virun allem täteg am **Burkina Faso** an an der **Demokratescher Republik Kongo**, déi zu de Pays les moins avancés weltwäit zielen.

D'ONG huet den Agreement vum zoustännege Ministère a kann esou op de Kofinanzement bei der Ëmsetzung vun de Projeten zréckgräifen.

Zu deenen aktuellen Haaptinterventiounsberäicher vun der ONG zielen d'Formatioune vu Baueren am Burkina Faso. Si kréie gewisen, wéi si mat Hëllef vum **Iesel** an der **Kassin** - engem adaptéierten techneschen Equipement fir de Buedem ze beaarbechten - méi effizient Landwirtschaft bedreiwe kënnen.

Den Engagement vun der ONG berout um Benevolat. Donieft garantéiert eng professionell Chargée de projets, d'Ausaarbechtung an de Suivi vun eise Projeten.

Op der Plaz ginn eis Projete mat der Hëllef vu lokale Partner realiséiert. Dës Partner gi vum Verwaltungsrot no Kritäre vu Kompetenz, Zouverlässegkeet an transparenter Gestioun ausgewielt.

D'Sensibiliséierung fir d'Kooperatiounsaarbecht ass eng weider Prioritéit vun eiser ONG. Ënner anerem organiséiere mir reegelméisseg Visitten um Terrain mat engem Grupp vu Jonken, fir si esou fir den Asaz an der Entwécklungszesummenaarbecht ze begeeschteren.

Méi Detailer zu eiser ONG an de Kooperatiounsprojete fannt Dir ënner *www.jongbaueren.lu*

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren Service Coopération a.s.b.l.**
5, avenue Marie-Thérèse – L-2132 Luxembourg Tel.: 44 743 – 252 / 44 743 – 564 / Fax: 44 743 – 563
E-mail: secretariat@jongbaueren.lu / www.jongbaueren.lu
CCPLLULL: LU05 1111 0050 3083 0000 / CCRALULL: LU32 0090 0000 0157 8004

# Finanzaufkommen 2018

| Projekt | Betrag |
|---|---|
| BURKINA FASO – Zambélé: Ausbau der Infrastrukturen des Schulkomplexes | 176.879,04 € |
| BURKINA FASO – Zur Identifikation des Projektes: Stärkung des Einsatzes des Duos Esel/Kassin bei der Bewirtschaftung der Felder sowie Optimierung der Produktionskapazitäten der landwirtschaftlichen Familienbetriebe in 26 Dörfern der Provinzen Boulkiemdé, Sanguié, Sanmatenga und Yatenga | 194.559,66 € |
| BURKINA FASO – Sam: im Konsortium mit „Le Soleil dans la Main" (ASDM) und SOS Sahel | 13.212,00 € |
| Verwaltung | 82.018,82 € |
| Überschuss | 35.833,64 € |
| **Gesamtsumme für 2018:** | **502.503,16 €** |

## Einnahmen 2018




## Ausgaben 2018





**Wir bedanken uns sehr herzlich**
**bei den regionalen Gruppen der LLJ sowie bei allen Spendern und den Ministerien**
**für Entwicklungszusammenarbeit und Landwirtschaft für die gewährte Unterstützung!**


## Verwaltungsrat

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Präsident:** | RICHER Romain, Abbé | **Mitglieder:** | HARPES Remy |
| **Vizepräsidentin:** | DORNSEIFFER-MARX Marie-Claude | | MAJERUS-CLEMES Martine |
| **Vizepräsident:** | SCHILTGES Carlo | | MITSCH Philippe (Projektbegleitung) |
| **Kassiererin:** | LISARELLI-SCHLEICH Marianne | | SCHARES-LEONARDY Conny |
| **Kassiererin:** | BERRIRI Camilya | | SIEBENALLER Kim |
| **Sekretär:** | GLODT François | **Projektmanagerin:** | MONVILLE Jacqueline |


**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.**

5, avenue Marie-Thérèse • L-2132 Luxembourg

CCPLLULL: LU05 1111 0050 3083 0000
CCRALULL: LU32 0090 0000 0157 8004

Web: www.jongbaueren.lu
E-mail: service.cooperation@jongbaueren.lu

Tel: 44743 - 252 / 44743 - 564
Fax: 44743 - 563



PRINT SOLUTIONS s.à.r.l.